P348 ID484

# DEMANDE DE PETITION PUBLIQUE n° 348

## NOUVEAU TEXTE

Intitulé:

Discriminatioun vu Leit mat Behennerung, dei schaffe wellen an daat och gut maachen.

But:

Persounen die handicapeiert oder durch Verletzungen zu engem gewësse Prozentsaz behënnert sinn, an dodurch nëmmen 10, 20 oder 30 Stonne pro Woch schaffen diirfen, kréie vum Staat de gesetzleche Mindestloun à 40Stonnen/ Woch assuréiert.

Daat as jo eng gutt Saach, awer nëmmen op den éischte Bléck.

Heibai handelt et sech em de gesetzleche Mindestloun OUNI CATP. Och wann des Persoun en CATP huet.

Kritt des Persoun dann och nach vu sengem Patron, fir hir aussergewéinlech gutt Aarbecht eng Prime oder eng Gehaltserhéigung, sou ajustéiert dee Service beim Staat d'Paye, wou die Persoun am Endeffekt kritt, ëmmer erëm op de Mindestloun ouni CATP.

Daat heescht, sie kritt am Normalfall, grob 800€ vum Patron an 800 Euro vum Staat. Gëtt dëser Persoun elo z.B. am Dezember eng Prime vun e puer Honnert Euro ausbezuelt, zitt de Staat spéitstens am Februar dës Somme of an d'Persoun kritt da just d'Differenz tëscht deenen 800€ minus die erwähnte Prime.

Domadden ass de behënnerte Leit zwar en Mindestloun assuréiert, mais gläichzäiteg, kënnen se ni méi wéi dat verdingen.

An enger Leeschtungsgesellschaft, an där mir nun emol liewen, soll aussergewéinlech gutt Leeschtung och belount ginn. Dat ass de Moment leider nët méiglech.

Mir sinn derfir, dass Persounen an deem Fall vum Staat die fehlend Suen bis zum qualifizeierte Mindestloun kréien, wann se dann en CATP hunn, AN dass hinnen Primen oder Gehaltserhéigungen NET eweggeholl gin.

***

Date et heure de la demande: le 19-04-2014 à 21:42
Pétitionnaire: Andy LEJEUNE
Pétition à titre personnel
Adresse: 49A, de Hellange, Crauthem, 3327